Geet et eiser Sprooch wierklech sou gutt, wéi dacks behaapt gëtt? Interessanten Lieserbréif aus dem Luxemburger Wort vum 4.12.2016, Säit 25.

Virun enger Mauer vu Franséisch

Geet et eiser Sprooch wierklech sou gutt, wéi dacks behaapt gëtt?

„Eiser Sprooch geet et gutt." – Dee Saz do héiert een a leschter Zäit nawell dacks, heiandsdo esouguer vu Leit, déi et misste besser wëssen. D'Bewäiser vun hirer Opfaassung sinn zimlech dënn. Et gëtt z. B. éffentlech verkënnegt, Lëtzbuergesch wär nach ni esou intensiv gebraucht ginn ewéi haut: an E-Mailen, SMSen, Doudesannoncen, Houchzäitsmenüen, Reklammen, Literatur. (Am offizielle Magazin vun der Stad Lëtzebuerg „City" z. B. steet awer kee Wuert Lëtzebuergesch!) Déi Beispiller vu virdrun hunn all eppes gemeinsam: Et si schréftlech Uwendunge vun eiser Sprooch. Eng Sprooch ass awer keng „Schreif". „Sprooch" kënnt vum Däitschen „sprechen". Si muss kënne geschwat ginn, fir an engem liewege „Gespréich" mat eise Matmënsche Problemer ze „besprieche" an ze léisen. Ofgesinn dovun ass den SMS- an den E-Mail-Stil mat sengem rudimentäre Vokabulär a sengem fragmentaresche Sazbau kee richtegt liewegt Lëtzebuergesch.

Wéi ass et dann nun awer an der Praxis mam Schwätze vun eiser Sprooch? Ee Wëssenschaftler beziffert d'Zuel vun deene Leit, déi hei am Land Lëtzebuergesch schwätzen, op 290 000. Bei enger Totalbevëlkerung vu ronn 500 000 hu mer dann iwwer 200 000, déi kee Lëtzebuergesch schwätzen, an da kommen nach d'Grenzgänger derbäi! Kee Wonner, datt ech mech dann an der Minoritéit spieren. Ech stoussen och ëmmer an iwwerall op Leit, déi kee (!) Lëtzebuergesch kënnen. Dacks son ech z. B. eppes op Lëtzebuergesch, a mäi Gespréichspartner äntwert mir net op Lëtzebuergesch. Wat ass meng Sprooch dann nach wäert?

Dir kënnt selwer d'Prouf op d'Exempel man. Wann Dir an e Geschäft kommt, an e Café, an e Büro asw., da fänkt emol u mat engem Saz wéi: „Ech hätt gär w.e.g. ..." oder „Ech wollt emol froen ...". Je nodeem, wéi eng Äntwert Dir da kritt (z. B. „en français s.v.p.!"), da wësst Dir ganz genee, wéi gutt oder schlecht et eiser Sprooch geet. Dir musst dann agesinn, datt Dir roueg däerft Lëtzebuergesch schwätzen: un Ärem Stammdësch oder doheem an Ärer Kichen, mat Ärer Kaz; awer dobaussen ...?

Soubal Dir technesch, kommerziell, finanziell, medizinesch Problemer ausserhalb vun Ärer Privatsphär hutt, musst Dir drop gefaasst sinn, virun enger Mauer vu Franséisch ze ston. Ech sinn z. B. an engem Geschäft net zerwéiert gi mat der Bemierkung: „Vous savez parfaitement qu'ici on ne parle pas le luxembourgeois!" Meng schréftlech Reklamatioun un d'Direktioun (Nov. 2015) huet nach bis haut keng Äntwert kritt. Oder: Bei engem Autos-Akzident huet mäi Kontrahent mir gläich gesot: „J'ai la nationalité luxembourgeoise, mais je ne parle pas luxembourgeois!" Ee berühmte Linguist seet dozou: „(Ces) anecdotes sont légions (sic) et chacun connaît une histoire, racontée en brève de comptoir ou portée à la connaissance du grand public sous forme de lettre à l'éditeur." Légion? Wann et där Virfäll esou vill gëtt, da soll hie se och als alldeeglech Demütegunge begräifen an eescht huelen, aplaz se zynesch als amusant „Anekdot" ze bagatelliséieren! Hie weist domat nëmme seng Veruechtung fir eis Sproochesituatioun. Eis Kommunikatiounsschwieregkeeten hänken net un eisem schlechte Wëllen, mee un der Blockade-Haltung vu gewëssen Net-Lëtzebuerger oder och naturaliséierte Lëtzebuerger!

Vill Lëtzebuerger a gehuewener Positioun erkennen net dee reellen Zoustand vun eiser Sprooch, haaptsächlech aus zwéi Grënn: Engersäits komme si situatiouns- a beruffsbedéngt kaum a Kontakt ë. a. mat Déngschtleeschtungspersonal, dat kee Lëtzbuergesch kann oder et ofleent. Anerersäits ass Franséisch fir si Routine, a si fänke selwer déi meescht Gespréicher mat Onbekannte spontan op Franséisch un a geroden esou net a sproochlech Konflikter. Si verstinn also net déi sproochlech Problemer vun den einfache Leit, deenen d'Franséischt weder vum Vokabulär nach vun der mëndlecher Aussprooch hier geleefeg ass.

Vun uewe kréie mir recommandéiert, mir solle „selbstbewosst mat eiser Sprooch ëmgon." Wéi soll een dat da maachen, wann een dru gehënnert gëtt, eis Sprooch ze schwätzen)? Eis Sprooch misst net nëmmen (duerch Coursen) gefërdert, mee och geschützt ginn. Deem alldeegleche Widderstand géint eis Sprooch sollt eng Grenz gesat ginn. Konkret Moossname si gefrot. Ech géif z. B. folgend Ureegung an d'Spill bréngen: All Ausländer, deen eng Aarbechtsplaz bei eis unhélt, sollt derzou ugehale ginn, e Minimum vu Lëtzebuerger Ausdréck ze kënnen: vun 1 bis 100 op Lëtzebuergesch ziele kënnen; déi gängegst Artikelen oder Begréffer (50-100) aus sengem Betrib op Lëtzebuergesch benenne kënnen; déi geleefegst lëtzebuergesch Ëmganksformelen am Kontakt mat Cliente beherrschen.

Deen zoustännege Ministère wär sécher beim Opstelle vun deene Wierderlëschte behëlleflech. Als ergänzend Moossnam sollten eis Geschäftsleit encouragéiert ginn, hir Wueren op de Präisschëlter mat Lëtzebuerger Ausdréck ze bezeechnen. Da kinnt een emol erëm en Heed Zalot kafen aplaz eng „Laitue", oder beim Bäcker eng Schlapp an eng Äppeltäsch. uerch déi franséisch Ausdréck an de Geschäfter gi vill Lëtzebuerger Wierder ënnerdréckt a gi fir ëmmer verluer.

Sinn ech e Chauvinist, wann ech gär a mengem eegene Land meng eege Sprooch schwätzen? Chauvinist ass deejéinegen, deen d'Awunner vun engem Land zwéngt, seng Sprooch ze schwätzen aplaz hir eegen. Fréier an de Kolonië war dat esou! Mir si keng Kolonie. [...] Nico Thewes

Download

Leserbrief T.png (235.7 KiB)